N°3570
Entrée le 02.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Gemeinsam Äntwert vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, der Ministesch fir Konsumenteschutz, Martine HANSEN, an dem Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex DELLES, op d'parlamentaresch Fro n° 3570 vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT.**

**1. Plangt d'Regierung, op nationalem Niveau oder an Zesummenaarbecht mat dem Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR), technesch Standarden no dem Virbild vun *STIR/SHAKEN*, fir d'Verifikatioun vun Telefonsnummeren obligatoresch anzeféieren ?**

Fir datt de Stir/Shaken zu Lëtzebuerg kéint ëmgesat ginn a funktionéiere géif, misst de Stir/Shaken an ganz Europa en Place gesat ginn. Zu Lëtzebuerg ginn et haut awer schonn e puer Schutzmoossname géint dës Bedruchsversich. Zum Beispill kënne lëtzebuergesch Festnetznummeren net méi aus dem Ausland op Lëtzebuerg uruffen. Dëst ënnerbënnt, dass lëtzebuergesch Festnetznummere fir de Spamming/Spoofing mëssbraucht ginn. D'Operateuren hunn och schonns Mesuren en Place gesat fir Spamming/Spoofing-Appeller vu mobillen Nummeren ze ënnerbannen.

**2. Wéi eng konkret Moossname ginn ergraff, fir de Mëssbrauch vun Alpha-Sender-IDs bei SMS-Servicer ze verhënneren, fir datt dës net méi vun onautoriséierten Drëtte fir Phishing-Zwecker mëssbraucht kënne ginn ?**

Haut ass keng gesetzlech Basis do fir méi intrusiv Mesuren en place ze setzen, déi z.B. mat Hëllef vun artifizieller Intelligenz SMSen analyséiere fir Phishing SMSen eraus ze filteren. Modern Smartphonë bidden hautdesdaags awer Optiounen, déi dëst um Niveau vum OS erméiglechen.

**3. Sinn der Regierung Statistiken doriwwer bekannt, wéi vill Fäll vu Bedruch duerch "Caller ID Spoofing" oder "SMS Spoofing" an de leschten zwee Joer zu Lëtzebuerg gemellt goufen ?**

Weder bei der Direktioun fir Konsumenteschutz, nach bei der ULC oder dem CEC si Plainten an dësem Kontext erakomm.

**4. A wéi engem Mooss bedeelegt sech Lëtzebuerg un den Diskussiounen op EU-Niveau fir d'Harmoniséierung vun de Sécherheetsstandarden am Beräich vun der Identifikatioun vun der Kommunikatioun ?**

Den Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR) ass a verschidden internationale Gremie vertrueden a bedeelegt sech un deenen Diskussiounen. Dëst net nëmmen op europäeschen Niveau mee och weltwäit. Et gëtt do zum Beispill eng Initiativ, déi nennt sech Global Informal Regulatory Antifraud Forum (GIRAF), an deem ass Lëtzebuerg och vertrueden.

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2026

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE